


Här Mars Di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, de 17. Mee 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

*De Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an d'Administratioun vum Fluchhafen (ANA) plangen d'Souveränitéit vun engem weideren Deel vum Lëtzebuenger Loftraum un eng auslännesch Entreprise ofzeginn.*

*An deem Kontext stinn eng Rei Froen am Raum, wou et wichteg wär, d'Äntwert ze hunn ier de Minister d'Chamberskommissioun an dësem Dossier informéiert.*

*Dowéinst wéilt ech Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen des Froe stellen:*

- 1) *A wéi engem Moos gëtt d'Parlament un dëser wichtiger Entscheedung agebonnen? Op wéi enge gesetzlecher a reglementarescher Basis, esou wuel national wéi international (an europäesch) géif esou eng Decisioun berouen?*
- 2) *Wéini sinn déi lescht Ausbildung fir Radarlotsen zu Lëtzebuerg ugebuede ginn, respektiv sinn nei Course geplangt? Gëtt hei bewusst geplangt, de Service „mussen“ zoumaachen, wéll net méi genuch Personal mat der néideger Ausbildung respektiv Lizenz zur Verfügung steet?*
- 3) *Ginn um Findel, an allgemeng fir de Lëtzebuenger Loftraum, d'Radarsystemer weider ënnerhalen an um leschten technesche Stand gehalen (z.B. wann den Update vun der Software ubelaangt)? Wou léich, am Fall vum Opgi vun der Souveränitéit, d'Verantwortung vun den Decisiounen, a wien misst bezuelen? Wat geschitt an der Iwwergangsphas?*
- 4) *Wéi eng Garantie kéint Lëtzebuerg afuerderen, datt de Radarsystem konstant operationell ass, respektiv datt néideg Wartungen a Reparaturen e minimalen Afloss op de Betrib um Findel hätten?*
- 5) *Wien wär, bei engem Ausfall vum Radarsystem, zoustänneg fir mat engem Noutprogramm (Contingency) e minimale Service um Findel oprecht ze halen? Wie géif do d'Reglementatioun bestëmmen? Deelt den Här Minister d'Meenung, datt an esou engem Fall auslännesch Fluchlotsen éischer der Reflex hätten, de Findel fir d'Zäit vun der Pann zouzemaachen an d'Landung op auswäiche Fluchhäfe géifen ëmleeden?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser  
Deputéierten